N°1479
Entrée le 07.11.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.11.2024
Chambre des Députés

adr

Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. November 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister an d'Madamm Gläichstellungsminister weiderzeleeden.

Knapp 10.000 Leit hunn d'Petitioun Nummer 3198 vun enger Privatpersoun, déi eng Reduktioun vun den LGBTQ-Theemen am Schoulprogramm fuerdert, ënnerschriwwen. Doropshin hunn LGBTQ-Interessevertriedungen an aner staatlech ënnerstëtzten Organisatiounen eng Géigepetitioun, déi vun engem Mataarbechter vun der LSAP initiéiert war, massiv ënnerstëtzt, och mat hirem Personal, der Reechwäit vun hirer sozialer Mediepresenz an hire Mailingläschten. Dës Vertriedungen hunn an de leschte Jore vill Sue vum Steierzueler kritt, fir sech fir eng Politik anzesetzen, déi net all Bierger deelt.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill Suen an de Joren 2018 bis 2023 jeeweils un net staatlech LGBTQ-Interessevertriedungen ausbezuelt goufen, wéi déi Zouwennungen sech op déi eenzel Organisatioune verdeelen an ënnert wéi engem Budgetsartikel se jeeweils gefloss sinn?
2) Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill Suen déi ëffentlech Kulturinstitutiounen (Muséeën, Theateren, asw.) an de Joren 2018 bis 2023 jeeweils insgesamt fir LGBTQ-Theemen ausginn hunn, wéi dës Suen sech op déi eenzel Institutioune verdeelen an ënnert wéi engem Budgetsartikel se jeeweils gefloss sinn?
3) Däerf eng Organisatioun oder Institutioun, déi staatlech ënnerstëtzt gëtt vum Steierzueler, sech ëffentlech fir eng Petitioun asetzen?

Mat déiwem Respekt,

Tom Weidig
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire** **25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg** **Tel. : (+ 352) 463742**